N°3177
Entrée le 12.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Ugesiichts vun de schockéierende Revelatiounen iwwer systematesch Gewaltakte vun engem Grondschüler géint seng Matschüler an d'Léierpersonal, wéi se an der Presse vum 10. November 2025 veröffentlecht goufen, stellen ech eng Rei dréngend Froen, weist dësen Artikel dach op e systematescht Versoen an der Handhabung vu schwieregen Disziplinsproblemer an eise Schoulen hin. D'Sécherheet vun de Kanner an dem Léierpersonal mussen awer absolut Prioritéit hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Et ass inakzeptabel, datt e Grondschüler iwwer Wochen a Méint systematesch seng Matschüler terroriséiere konnt, ouni datt adequat gehandelt gouf. E Kand gouf 15 Mol an d'Genéck geschloen a war doropshin eng Woch laang krankgeschriwwen. En anert Kand koum mat Würgemoler um Hals heem.

   Ass de Minister der Meenung, datt dat momentan geplangt Jugendschutzrecht genuch Handlungsméiglëchkeeten bitt, fir esou méi heefeg ausrastend Schüler séier en charge ze huelen? Wéi erkläert de Minister, datt trotz ville Warnungen a souguer Aschreide vu Poliziste keng effektiv Léisung fonnt gouf?

2. Besonnesch schockéiert d'Tatsaach, datt d'Situatioun iwwer Méint eskaléiere konnt, obwuel d'Schouldirektioun an de Ministère laang informéiert waren. D'Police gouf 8 Mol a 4 Wochen op de Schoulhaff geruff. Zwou Damme goufen un der Bushaltestell physesch attackéiert. Membere vum Léierpersonal hunn sech wuel och an een anere Cycle versetze gelooss, fir dësem Schüler net begéinen ze mussen. An esou Situatioune soll d'Léierpersonal eigentlech déi éischt Ulafstell sinn, fir

piraten.lu

mat esou Kanner ze schaffen an ze probéieren, d'Situatioun ze verbesseren, wat an dësem Fall awer zu kenge Resultater gefouert huet an d'Kand weider aner Kanner an Erwuessener ugräife konnt.

- Ass de Minister net och der Meenung, datt bei esou engem dramatesche Fall wéi an dësem konkrete Beispill net séier genuch gehandelt an net ugemiessen duerchgegraff gouf?
- Wéi rechtfäerdegt de Minister dës inakzeptabel Verzögerung, déi zu schwéiere Kierperverletzunge gefouert huet, dorënner e Kand dat eng Woch krankgeschriwwe war?

3. Dës schockéierend Situatioun ass sécherlech keen Eenzelfall. D'Ëffentlechkeet huet e Recht ze wëssen, wéi grouss d'Problematik vun der Gewalt a Grondschoule wierklech ass.

   Kann de Minister detailléiert uginn:
   - Wéi vill esou Gewaltfäll an de leschte 5 Joer an de Grondschoule gemellt respektiv bekannt goufen?
   - Ass hei eng kloer Tendenz ze erkennen?
   - Wat waren d'konkret Moossnamen, déi an deenen eenzele Fäll geholl goufen, a wéi laang huet et gedauert, bis dës Moossnamen ëmgesat goufen?
   - Wéi vill Schüler a Membere vum Léierpersonal hunn duerch esou gewalttäteg Kanner an de leschte 5 Joer Blessuren dovu gedroen?

4. Besonnesch alarmant ass och d'Tatsaach, datt de gewalttätege Schüler an der Zäit virun den Allerhellegevakanz gedreet huet, hie géif eng Kéier mat engem Messer oder engem Briquet an d'Schoul kommen. Trotzdeem kënnt de Schüler nach ëmmer all Dag an d'Schoul.

   Existéiert fir Grondschoulen e konkreten Noutfallplang am Fall vun engem Amoklaf oder enger änlecher Gewaltmenace?

5. D'Situatioun ass fir d'Kanner an d'Léierpersonal onhaltbar ginn. 43 Elteren hunn sech mat enger dréngender Petitioun un de Ministère gewannt. Schüler hu permanent Angscht, an d'Schoul ze goen. Normale Cours ass bal net méi méiglech.

   - Wat gedenkt de Minister direkt konkret ze ënnerhuelen, fir d'Léierpersonal an d'Grondschüler ugemiessen ze schützen?
   - Wéini gëtt de gewalttätege Schüler endlech aus dem reguläre Schoulbetrib geholl, fir déi aner Kanner ze schützen an him selwer déi néideg spezialiséiert Hëllef ze bidden?

6. D'Direktioun hätt de concernéierten Elteren ëmmer nëmme gesot: "mir schaffe un enger

laangfristeger Léisung". Wéi positionéiert sech de Minister par Rapport zu dëser passiver Reaktioun?

7. 43 Eltere mussen eng Petitioun ënnerschreiwen a sech un d'Press wende fir gehéiert ze ginn. Ass de Minister net der Meenung, datt dëst en Echec vum System ass? Wéi garantéiert de Minister datt ALL Kanner hiert verfassungsméissegt Recht op eng sécher Educatioun kréien?

8. Wéini krut de Ministère éischt Informatioun iwwer dëse Fall? Wat gouf ënnerholl nodeems d'Plainte erakomm ass? Firwat ass bis elo trotzdeem an deem Fall nach näischt ënnerholl ginn?

9. Den Artikel erwäänt de "Centre pour le développement socio-émotionnel". Wéi vill Plazen huet dësen? Wéi laang dauert et bis ee Kand hei en charge geholl ka ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3177 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Ass de Minister der Meenung, datt dat momentan geplangt Jugendschutzrecht genuch Handlungsméiglëchkeeten bitt, fir esou méi heefeg ausrastend Schüler séier en charge ze huelen? Wéi erkläert de Minister, datt trotz ville Warnungen a souguer Aschreide vu Poliziste keng effektiv Léisung fonnt gouf?**
2. **Ass de Minister net och der Meenung, datt bei esou engem dramatesche Fall wéi an dësem konkrete Beispill net séier genuch gehandelt an net ugemiessen duerchgegraff gouf? Wéi rechtfäerdegt de Minister dës inakzeptabel Verzögerung, déi zu schwéiere Kierperverletzunge gefouert huet, dorënner e Kand dat eng Woch krankgeschriwwe war?**
5. **Wat gedenkt de Minister direkt konkret ze ënnerhuelen, fir d'Léierpersonal an d'Grondschüler ugemiessen ze schützen? Wéini gëtt de gewalttätege Schüler endlech aus dem reguläre Schoulbetrib geholl, fir déi aner Kanner ze schützen an him selwer déi néideg spezialiséiert Hëllef ze bidden?**
6. **D'Direktioun hätt de concernéierten Elteren ëmmer nëmme gesot: "mir schaffe un enger laangfristeger Léisung". Wéi positionéiert sech de Minister par Rapport zu dëser passiver Reaktioun?**
7. **43 Eltere mussen eng Petitioun ënnerschreiwen a sech un d'Press wende fir gehéiert ze ginn. Ass de Minister net der Meenung, datt dëst en Echec vum System ass? Wéi garantéiert de Minister datt ALL Kanner hiert verfassungsméissegt Recht op eng sécher Educatioun kréien?**
8. **Wéini krut de Ministère éischt Informatioun iwwer dëse Fall? Wat gouf ënnerholl nodeems d'Plainte erakomm ass? Firwat ass bis elo trotzdeem an deem Fall nach näischt ënnerholl ginn?**

Den honorabelen Deputéierte bezitt sech op eng isoléiert Situatioun an engem Cycle vun enger vun den 164 ëffentleche kommunale Lëtzebuerger Grondschoulen. Et läit op der Hand, datt am Sënn vum Schutz vun de Perséinlechkeetsrechter vum Mineur just déi néideg Detailer zu den ergraffene Moossnamen am Beméien ëm eng holistesch Prise en charge ëffentlech kënnen duergeluecht ginn.

Fir den zäitlechen Kontext ze setzen, leien d'Faiten tëscht der Schoulrentrée, de 15. September, an der Allerhellegevakanz, den 1. November 2025, an erstrecken sech deemno iwwer nëmmen sechs Wochen.

De concernéierte Schüler gëtt zanter dem Ufank vu senger Beschoulung duerch d'ESEB ënnerstëtzt. No der Summervakanz 2025 huet d'Léierpersonal an d'Personal vun der ESEB awer eng Verännerung am Verhalen vum Schüler misse feststellen, fir déi et aus schoulescher Siicht keng Erklärung gëtt. De Schüler huet e staark impulsiivt, esou wuel destruktiivt wéi och autodestruktiivt Verhalen un den Dag geluecht. Dobäi ass de Problem net schoulescher Natur, well de Schüler dëst Verhalen esou wuel an der Famill, an der Ëffentlechkeet, wéi och an der Schoul weist.

D'Schoul huet dowéinst nach am September e Signalement beim Jugendparquet gemaach. Par rapport zum SCAS huet d'Schouldirektioun hier Suerg zum Ausdrock bruecht, datt de Schüler vun engem Kanner- an Jugendpsychiater gesi misst ginn fir auszeschléissen, datt d'Ursaach vun senge violente Krisen an enger klinescher Problematik géinge leien.

An deem geschriwwenen Zäitraum huet d'Schoul sech direkt e puer Mol dozou forcéiert gesinn, fir de Schüler an engem Krisenzoustand mat der Ambulanz an d'Spidol ze bréngen. Dëst huet awer weder zu enger ambulanter nach zu enger stationärer Prise en charge duerch en Kanner- an Jugendpsychiater gefouert.

Gläichzäiteg ass d'Police an dëser Zäit e puer Mol ageschalt ginn, wéinst Tëschefäll an der Schoul, ronderem d'Schoul an am ëffentlechen Raum. Dës Faiten sinn all Kéiers de Justizautoritéiten gemellt ginn. D'Schoul ass domat senger Verpflichtung nokomm fir direkt an explizit déi zoustänneg Autoritéiten iwwer déi grouss Détresse vun deem Jonken a senger Famill ze informéieren.

Fir d'Beschoulung vum Schüler an d'Sëcherheet vun de Matschüler ze garantéieren, gouf de concernéierte Schüler permanent vun 1-2 Mataarbechter aus der ESEB encadréiert. Parallel dozou huet d'Schoul den Titulaire vun der Autorité parentale versicht dozou ze beweegen, fir enger alternativer Beschoulungsmoosnam zouzestëmmen. Insgesamt fënnefmol ass d'Initiativ geholl ginn, bis den Titulaire vun der Autorité parentale enger Beschoulung an engem Centre socio-thérapeutique (CST) zougestëmmt huet.

3. **Kann de Minister detailléiert uginn: Wéi vill esou Gewaltfäll an de leschte 5 Joer an de Grondschoule gemellt respektiv bekannt goufen? Ass hei eng kloer Tendenz ze erkennen? Wat waren d'konkret Moossnamen, déi an deenen eenzele Fäll geholl goufen, a wéi laang huet et gedauert, bis dës Moossnamen ëmgesat goufen? Wéi vill Schüler a Membere vum Léierpersonal hunn duerch esou gewalttäteg Kanner an de leschte 5 Joer Blessuren dovu gedroen?**

D'Unzuel vun de Schülerinnen a Schüler an den ëffentleche kommunale Grondschoule klëmmt konstant; mëttlerweil sinn et der 55.000. Dank dem Engagement vum Schoulpersonal, dat duerch d'Regionaldirektiounen, d'ESEB an dem Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE) ënnerstëtzt gëtt, bleift d'Unzuel u Gewaltdote marginal. Genee statistesch Donnéeën iwwer Gewalt an de Schoule sinn allerdéngs schwéier ze erfaassen: Gewalt ass e vasten Term, well dorënner kann ee Verhalensstéierungen, Pathologien, ma och Delinquenz verstoen.

Virun allem bei de Kanner am Grondschoulalter ass et dofir wichteg ze gesinn, datt Gewaltausbréch meeschtens den Ausdrock vun enger psychologescher Detresse vum Kand sinn.

Och wann d'Unzuel vun de Gewaltdote weiderhi begrenzt ass an et sech ëm Eenzelfäll handelt, ginn dës all eenzel eescht geholl. D'Sécherheet vum betraffene Kand, senge Matschüler an dem Léierpersonal stinn heibäi am Mëttelpunkt, mee och en adequate psychosozialen Encadrement vum Kand muss assuréiert ginn. Dofir gouf an der leschter grad wéi an dëser Legislaturperiod reagéiert mat:

- enger personeller Opstockung vun den ambulante Servicer vun de Schoulen;
- der Schafung vum CDSE;
- der Schafung vu Centres socio-thérapeutiques (CST) an
- der Schafung vum ONE-Schouldéngscht.

Um lokalen a regionale Plang intervenéieren an de Lëtzebuerger Grondschoulen d'Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques (I-EBS), déi fir all d'Kanner eng wichteg Bezuchspersoun duerstellen an un déi si sech, nieft hirem Titulaire, zu all Moment kënne wenden. Um regionale Plang kënnen d'Equipe pédagogique oder d'Elteren un d'ESEB eruntrieden, wann d'Mesuren, déi vun der Schoul an an der Schoul organiséiert goufen, hirer Aschätzung no net wäit genuch ginn. Zousätzlech ass och déi jeeweils zoustänneg Regionaldirektioun ëmmer en Uspriechpartner an dëst esouwuel fir d'Elteren ewéi och fir d'Schoulpersonal.

Mat der Schafung vu Synergien huet den ONE-Schouldéngscht d'Zil, déi Professionell aus der Educatioun fir d'Roll vum ONE ze sensibiliséieren, d'Zesummenaarbecht tëscht de Schoulacteuren an dem ONE ze stäerken an déi pedagogesch a sozial Beräicher méi no uneneen ze bréngen, fir eng ganzheetlech an effikass Betreiung vu Kanner a Familljen an enger vulnerabler Situatioun ze garantéieren. An enger éischter Phas gouf den ONE-Schouldéngscht an aacht regional Direktioune vum Enseignement fondamental integréiert (Lëtzebuerg, Péiteng, Suessem, Diddeleng, Beetebuerg, Miersch, Dikrech a Wolz). Am Laf vum Joer gëtt den ONE-Schouldéngscht an all regional Direktioun etabléiert.

Fir d'Gewaltdoten am Enseignement fondamental esou wäit wéi méiglech ze verhënneren a beschtméiglech reagéieren ze kënnen, huet den Institut de formation de l'Éducation nationale (IFEN) jeeweils zwee Memberen aus der ESEB vun all Regionaldirektioun eng Formatioun mam Titel *Ausbildung zum/zur Deeskalationstrainer/-in nach ProDeMa® für den Kind- und Jugendbereich* ugebueden. Dës Agente gëllen als Multiplicateuren, well si d'Kompetenzen, déi si an dëser Formatioun entwéckelt hunn, net nëmme selwer uwenden, mee och un hir Kolleege weiderginn. D'Participantë vun der Formatioun hunn eng Panoplie u Strategië kenne geléiert, déi hinne bei der Bewältegung vu Konfliktsituatiounen an der Schoul hëllefe kënnen. Ausserdeem hu si geléiert, wéi si d'Léierpersonal bei der Betreiung vu Schülerinnen a Schüler mat Verhalensopfällegkeete kënnen ënnerstëtzen a wéi si duerch d'Entwécklung vu Konfliktléisungsméiglechkeete Gewalt kënne prevenéieren.

Zousätzlech bitt den IFEN reegelméisseg geziilt Formatiounen un, déi d'Enseignanten an d'Membere vun der ESEB outilléieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul léisungsorientéiert ze reagéieren. Zu der diversifizéierter Formatiounsoffer vum IFEN zielen och d'Supervisiounen, déi et den Enseignanten erlaben, fir d'Prise en charge vun de Schüler ze optimiséieren.

Nieft dëser Formatiounsoffer fir d'Schoulpersonal gesäit och de Plan d'études ënner anerem am Beräich vun den transversale Kompetenze vir, datt den Enseignant am Kader vu sengem Unterrecht d'Kompetenz bei de Schüler entwéckelt, fir datt si léieren nozelauschteren, en Dialog ze féieren an ze verhandelen. Dëst sinn alles weesentlech Elementer fir eng effikass Gewaltpreventioun.

Des Weideren ënnerstëtzt de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) och Projete wéi ënner anerem *Stop Mobbing*, *Peace Force* oder BEE SECURE. De Kontakt mat de Persounen, déi am Kader vun dëse Projete matwierken, erlaabt et den Enseignanten, nei Pisten ze degagéieren, fir am Fall vu Gewalt an der Schoul effikass ze reagéieren. Och sinn am Kader vu Projeten op Ufro vun der Schoul hin direkt Interventiounen an der Klass virgesinn, fir datt eenzel Problematike vun héich spezialiséiertem Personal kënnen ugepaakt a geléist ginn.

Doriwwer eraus huet den ONE d'Méiglechkeet, iwwert seng Prestatairë Mesuren fir d'Betreiung vu Kanner, déi Affer vu Gewalt waren, unzebidden, sief et duerch eng Decisioun vum Riichter oder op Ufro vun den Eltere respektiv dem Jugendlechen. Extern spezialiséiert Servicer, déi net Prestataire vum ONE sinn, bidden och therapeutesch Behandlungen un, déi direkt iwwert den ONE kënnen ugefuerdert ginn.

De MENJE an d'Direktiounen engagéieren sech sou vill wéi nëmme méiglech, fir d'Schoulen an d'Léierpersonal an dëse Situatiounen ze ënnerstëtzen. D'Prioritéit muss sinn, jiddereen an esou engem Ament ze schützen, Matschüler a Léierpersonal, ma och de betraffene Schüler oder déi betraffe Schülerin virun sech selwer.

4. **Existéiert fir Grondschoulen e konkreten Noutfallplang am Fall vun engem Amoklaf oder enger änlecher Gewaltmenace?**

   Säitens de Regionaldirektioune goufen Efforte gemaach, de Sujet vun engem méiglechen Amoklaf mat de Gemengen – déi laut Gesetz fir d'Infrastrukture vun de Schoulgebaier zoustänneg sinn – ze thematiséieren. D'Ëmsetzung vu verschiddene Mesuren, wéi beispillsweis den Alarmknäppchen, en automatescht Zougoe vun den Diere gradewéi d'Kontroll vum Zougang zu de Schoule goufen hei an d'A gefaasst.

   Donieft gouf vum Kriseninterventiounsteam (KIT) ee Classeur ausgeschafft, an deem sech ee Kapitel mat engem méiglechen Amoklaf befaasst, an den Enseignanten ënner anerem erkläert, wéi si sech an esou engem Fall ze verhalen hunn.

   Och den IFEN huet an de leschte Jore Formatioune souwuel zum Thema Amok ugebueden (zum Beispill *Amokalarm – zweckmäßiges Verhalten in der Klasse*) wéi och zum Thema Santé mentale, déi en Deelberäich vun der Preventioun an der Sécherheet duerstellt (zum Beispill *Premiers secours en santé mentale*).

9. **Den Artikel erwäänt de "Centre pour le développement socio-émotionnel". Wéi vill Plazen huet dësen? Wéi laang dauert et bis ee Kand hei en charge geholl ka ginn?**

   D'Kompetenzzentren, dorënner de Kompetenzzentrum fir sozio-emotional Entwécklung (CDSE), entwéckele sech permanent am Aklang mat der Demande u spezialiséierter Beschoulung vu Kanner a Jonke mat spezifesche Besoinen. Si funktionéieren deemno net no enger Logik vu fixe Plazen, mee passen hir Offer kontinuéierlech un d'Bedierfnesser un. Esou goufen zum Beispill bei der leschter Rentrée fënnef nei Klasse fir de CDSE uechter d'Land geschaf (Péiteng, Monnerech, Useldeng, Schieren, Wëlwerwolz). Dës sougenannt Kohabitatiounsklasse sinn a reguläre Grondschoulen integréiert, fir d'Proximitéit zur Reegelschoul ze garantéieren an eng punktuell Zesummenaarbecht souwéi méiglech Transitiounen ze erliichteren.

   Wat d'Zäitspan tëschent der Demande an der effektiver Opnam vun engem Kand an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum ugeet, si verschidden Elementer ze berécksiichtegen. Dozou gehéieren d'Virlafgespréicher mat den Eltere gradewéi d'Erstelle vun engem fachlechen Diagnostic. D'Gesetz iwwer déi schoulesch Inclusioun gesäit vir, datt dee spezialiséierten Diagnostic, deen duerch e Kompetenzzentrum am Optrag vun der nationaler Inklusiounskommissioun (CNI) a mam Averständnes vun den Elteren duerchgefouert gëtt, bannent dräi Méint ofgeschloss muss sinn. Op Grond vun dësem Diagnostic hëlt d'CNI eng Decisioun, wat déi passendst Moossnam fir dee betraffene Schüler ugeet. Dës Decisioun trëtt eréischt a Kraaft nodeems d'Elteren hiert formellt Averständnes ginn hunn, sou och am Fall vun enger spezialiséierter Beschoulung an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum.

Lëtzebuerg, de 16. Dezember 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH